# Nationale Wëllefcherscamp

20. - 26. Juli 2025

Stroossen




## Dëst Campbuch gehéiert dem :

## vum Sous-camp (S-C):

- S-C 1 Oril
- S-C 2 Vadid
- S-C 3 Lop
- S-C 4 Fidra

## vum Ruddel:



## Wat ass dran?


Virwuert Buergermeeschter . . . . . 2
Virwuert Campcheffen . . . . . 3
Top-Staff . . . . . 4
Campreegelen . . . . . 6
D'Welt vu Mystaria . . . . . 8
Plang vun der Campplaz . . . . . 14
Sous-Camp 1 - Oril . . . . . 16
Sous-Camp 2 - Vadid . . . . . 18
Sous-Camp 3 - Lop . . . . . 20
Sous-Camp 4 - Fidra . . . . . 22
Ravi - Iessen um Camp . . . . . 24
Fotoe vum Camp . . . . . 24
Nëtzlech Informatiounen . . . . . 25
Kreativen Dag mam Glimmerwicht . . . . . 26
Kreativen Dag - Stempelen . . . . . 28
Atelier „Fondation Cancer" . . . . . 30
Gemeng Stroossen . . . . . 32
Camplidd . . . . . 34
Lidderbuch . . . . . 36
Rätselen & Spiller . . . . . 42
Meng nei Frënn . . . . . 50
Sponsoren . . . . . 52
Notizen . . . . . 53


## Mat grousser Ënnerstëtzung vun:

ënnerstëtzt vun œuvre nationale

creos

les thermes – plongez dans le plaisir

GEMENG Stroossen

# Virwuert Buergermeeschter



Léif Scouten,
Léif Wëllefcher,

Wéi ech virun 3 Joer gefrot gi sinn, ob ech mer kéint virstellen, datt den nächsten nationale Wëllefcherscamp géif zu Stroossen organiséiert ginn, hunn ech dat nawell eng droleg Iddi fonnt.

E Camp zu Stroossen, do ginn et dach bestëmmt mei schéi Plazen an der Natur ewéi zu Stroossen, eng staark bebauten Uertschaft direkt nieft der Stad.

Well ech awer iwwert déi lescht 30 Joer ëmmer erëm an dem Grupp „Infra" op den nationale Wëllefcherscamp aktiv war, huet et mech natierlech gereizt. „Eemol Scout, ëmmer Scout" hu mer als Schäfferot entscheet den Challenge unzegoen.

Mee wou hu mer dofir eng Plaz? Abee well mer amgaange sinn nei Fussballterrainen ze bauen, hu mer eis fir de besteeënde Fussballterrain matten am Duerf decidéiert an dunn ass d'Organisatioun lass gaangen.

1200 Persounen ob enger Platz wärend enger Woch ënner ze kréien ass net evident. Stroum, Waasser, Ofwaasser, Dusche sinn ëmmer déi gréissten Erausfuerderunge fir eng Gemeng als Coorganisateur vun esou engem grousse Camp. Well awer vill motivéiert Leit op der Gemeng schaffen, war et relativ gutt ze managen, besonnesch well d'Campplaz direkt nieft eise Schoulen, Sportshalen a Centre culturel mëtten am Duerf leit.

Ech soe jidderengem Merci, deen un dëser Organisatioun matgeschafft huet an da freeën ech mech ob de Mystaria zu Stroossen.

**Nico Pundel**
**Buergermeeschter vu Stroossen**

# Virwuert Campcheffen



Léiwe Wëllefchen,

mir heeschen dech häerzlech wëllkomm um Mystaria '25 zu Stroossen! Aus dem ganze Land hu sech hei vill Wëllefcher versammelt, fir eng flott an erliefnisräich Woch zesummen ze verbréngen.

Beim Ukomme bass du an eiser Zauberwelt Mystaria gelant wou dës Woch vill Aktivitéite mam Umbra, dem Glimmerwiicht, dem Aquilla an dem Lysander op dech waarden an s du villes entdecken an erliewe wäerts. Fir déi éischte Kéier op engem nationale Wëllefcherscamp schlofe mir alleguerten an Zelter.

Um Camp si ronn 760 Jongen a Meedercher, 222 Chef aus 46 Ruddelen an nach 150 Staff – dat sinn immens vill Leit, déi sech zu Stroossen hannert der Gemeng zesummefonnt hunn.

D'Gemeng Stroossen huet eis immens vill beim Plangen an der Ëmsetzung ënnerstëtzt an dofir soe mir hinnen ee ganz groussen MERCI!

An elo wënsche mir Dir, am Numm vum ganze Staff, ee flotte Camp mat ville spannenden a lëschtege Momenter, villen Abenteuer, neie Frëndschaften a virun allem ganz vill Freed a Spaass!

**Anne Muller & Mucky Nicolay**
**Campcheffen**

# Top-Staff

**Wee këmmert sech ëm wat?**
**Verbann déi passend Aufgab mat der richteger Persoun.**



Mucky & Anne



Jackie & Claire



Tija & Nicole



Anne-Marie & Dennis



Charel E.




Fränk




Charel M.



Tom






Administratives | Campchef | Ravi/Iessen | Programm | Infrastruktur | Finanzen | Beroder | PR

# Campreegelen

**Ech sinn e gudde Frënd!**

Ech schloe, pëtzen, kraze, stëppelen, beleidegen, ... net. Alles wat wéi deet, loossen ech sinn.

**Ech passen op mech op!**

- Ech bleiwe bei mengem Ruddel a menge Cheffen.
- Ech ginn ni eleng fort vum Site.
- Ech hunn ëmmer mäin Hutt vum Sous-Camp, mäi Bändchen a mäi Foulard un.
- Ech wäsche meng Hänn virum Iessen.
- Ech passen am Verkéier gutt op a behuele mech wa mir op de Bus waarden a wa mir am Bus sinn.



**Ech schaffe gutt am Ruddel mat a si bereet Aneren ze hëllefen.**

- Ech lauschtere wat de Chef seet a follegen.
- Ech hëllefen do wou ech kann.

**Ech léiere meng Ëmwelt kennen a passen drop op!**

- D'Schlofzelter sinn do fir ze schlofen, hei gëtt net gerolzt a gekämpft.
- Ech passe gutt op d'Plazen an d'Saachen op.
- Ech geheie keen Dreck op de Buedem, mee an déi richteg Dreckskëscht.
- Ech sinn no 10 Auer owes roueg a probéieren net duerch Kaméidi ze stéieren, weder déi am Zelt niewent mir, nach eis Stroossener Noperen.

**Ech probéiere frou ze sinn an halen duer, och wann et Krämpes kascht.**

- Ech probéiere gedëlleg ze sinn an net ze granzen, wann eppes emol méi laang dauert.
- Ech hu Spaass a Freed an amuséiere mech.

# D'Welt vu Mystaria

Véier Frënn – d'Lori, d'Frida, de Pol an den David – waren no der Wëllefchersversammlung an de Bësch spillen, wéi si beim Verstoppches op eemol engem komesche Wiese begéinen. D'Wiese gesäit net aus wéi aus eiser Welt. Op eemol leeft d'Wiese fort. D'Kanner lafen em no, bis bei eng Hütt, wou si zum Rutsche kommen, an op magesch Aart a Weis era gezu ginn.

Si landen op enger friemer Plaz an entdecke Spueren, deenen si no ginn. Op eemol sti si virun engem ale Schlass an treffen op en Zauberer, deen hinne seet, dass si an der Zauberwelt Mystaria gelant sinn. D'Portal tëscht der Mënschewelt a Mystaria ass awer lo futti, nodeems d'Kanner duerchkomm sinn – am Fong däerfen nämlech nëmme Wiesen aus Mystaria doduerch goen...

Fir kënnen zeréck an d'Mënschewelt ze kommen, mussen déi 4 Kanner hëllefen, dat Portal nees ze reparéieren. Elleng kréie si dat awer net hin. Si brauchen är Hëllef!



### Véier Frënn













## D'Wiese vu Mystaria

Hallo léif Wëllefcher, ech sinn den Aquilla.



Ech wunnen déif ënnen am magesche Séi zesumme mat anere Waasserwiesen. Et war eng komesch Nuecht... Ech hat mech a mengem Panzer verstoppt, wéi ech vun engem laangen, däischtere Schied gedreemt hunn. D'Waasser war op eemol kal a schwaarz, an e Geräisch huet mech erziddere gelooss. Wéi ech erwächt sinn, war et ze spéit: Meng Wonschpärele ware fort, a vill vum Waasser war einfach verschwonnen!

An dunn hunn ech hie gesinn: Den **Nogrel**. Hie gesäit fuerchtbar aus an huet meng Pärele geklaut a se an säin donkelt Verstopp geschleeft. Hie suckelt d'Waasser op fir méi staark a méi grouss ze ginn. Näischt kann hien ophalen... Ausser dat magescht Waasser, dat kann hien net beréieren...

Ech brauch also dringend är Hëllef Wëllef!

Hallo léif Wëllefcher, ech sinn **d'Umbra**!

Ech freeë mech, dass dir haut mat mir op d'Sortie gitt – et erwaart iech e richteg abenteuerlechen Dag!
Awer lo stellen ech mech kuerz vir: Ech sinn eng al Eil, déi am Bësch lieft. Ech hu faarweg Flilleken, en ale Foulard ronderëm den Hals an e Scoutshutt hunn ech natierlech och. Wann Niwwel ass, kann ech ganz grouss ginn an ouni Geräischer duerch eist Land fléien. Zanter deem ech kleng sinn, kucken ech iech Scouten no. Ech hu vill vun iech geléiert. Ech weess also genau, wéi spannend d'Scoute sinn. Vu menger Höl aus geet e schmuele Pad op eng Lichtung, vu wou ech e Bléck hunn op all Wëllefchen am Land. Vun do aus hunn ech scho vill beobacht a gesinn, dass dir all ëmmer ganz groussen Intressi un neien Erliefnisser hutt. Duerfir bidden ech iech haut um Sortiedag vill flott Saachen un. Haut wëll ech e puer vu menge Geschichte mat iech deelen – vu Stären, Natur an interessante Plazen hei am Land.

Ech wënschen iech vill Freed a Spaass op ärem Sortiedag!



Hallo léif Wëllef, ech sinn de **Lysander**.



Ech sinn e flénke Salamander! Mat menge schéine Faarwe sinn ech ëmmer ganz einfach ze erkennen. Ausserdeem wanderen ech immens gären a si ganz vill ënnerwee.

Haut wëll ech mat iech e Rallye maachen – sidd dir prett? Hutt dir alles dobäi: **gutt Schong, eppes fir de Kapp, passend Kleeder an Eppes fir ze iessen?**

Ech hu fir iech e spannende Wee erausgesicht. Meng Frënn an ech hu sportlech a kniwweleg Ateliere preparéiert, wou dir äert Geschéck a Wëssen ënner Beweis stelle kënnt.

Ech wënschen iech ganz vill Spaass op mengem Rallye an ech hoffen dir kënnt de Kanner hëllefen hiert Portal ze reparéieren!



Hallo léif Wëllef, ech sinn de **Glimmerwicht**!


Ech sinn e klengt Zauberwiesen a ka meng Form veränneren – mol hunn ech Flilleken, mol hunn ech e fonkelnde Schwäif. Wou ech fléien, hannerloossen ech faarweg Spueren.

Ech ka Saachen a Forme verzauberen: e Bam gesäit da wéi eng riseg Blumm aus oder e Stee wéi eng Dier an eng aner Welt.


Wanns du bei mir bass, kriss de vill kreativ a genial Iddien! Heiansdo flüsteren ech der e klengt Wuert oder weisen der en Zeechen, fir dass du séier eng Léisung fënns.

A wann et emol langweileg ass, maachen ech d'Welt ronderëm dech faarweg a voller Fantasie!





# Plang vun der Campplaz




**1 AKTIVITÉITEN**

**Rallye**
Smaragdbësch

**Sortie**
Gleis 2 1/2

**Waasserdag**
Blubber-Lagun

**kreativen Dag**
Glimmerhaff

2 GËLLENE LÄFFEL: IESSPLAZ

3 PLOSCHTERTUERM: INFIRMERIE

4 GLITZERGROTT & PËSPER-ECK

5 SCHAUMQUELL: DUSCHEN

6 WICHTELHAUS: CRÈCHE

7 SCHNAARCHSCHLASS: SCHLOFPLAZ

8 EILE-POST: SEKRETARIAT

9 TOILETTEN

10 PORTAL

11 STAFF

12 STOCK

# Sous-Camp 1 - Oril



## Gruppen

- Äischen
- Beggen
- Déifferdeng
- Duelem
- Ettelbréck - Scouten
- Houwald
- Käl
- Kärjeng
- Leideleng
- Lëtzebuerg - Saint Alphonse
- Rued-Sir
- Wolz



**Sous-Camp-Chef:**

Sandy Syoen



**Sous-Camp-Chef:**

Conny Palzer

## Programm Sous-Camp 1 - Oril

| | So. 20.07.25 | Méi. 21.07.25 | De. 22.07.25 | Me. 23.07.25 | Do. 24.07.25 | Fr. 25.07.25 | Sa. 26.07.25 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| | Gemeinsame Programm | Roulement an de Sous-Campen | | | | Gemeinsame Programm | Gemeinsame Programm |
| | | Programm A | Programm B | Programm C | Programm D | | |
| | | Sortie - Dag | Waasser - Dag | Rallye - Dag | Kreativen Dag | | |
| Moies | | Kaffi 7:30 | Kaffi 8:30 | Kaffi 7:30 | Kaffi 8:30 | Kaffi 8:30 | Kaffi 7:30 |
| | | Sortie 9:00 | Schwämm / Spiller um Site 10:00 | Rallye 9:00 | Kreativ Atelieren 10:00 | Olympiad 10:00 | Raumen an Apaken |
| Mëttes | | Picknick | Mëttesiessen 12:30 | Picknick | Mëttesiessen 12:00 | Mëttesiessen 13:00 | Mëttesiessen |
| | Ukommen & Auspaken | Sortie | Schwämm / Spiller um Site 14:00 | Rallye | Kreativ Atelieren 14:00 | Olympiad 14:30 | Besucherdag |
| | RF / CV 17:00 | RF / CV [redacted] | RF / CV [redacted] | RF / CV [redacted] | [redacted] / RF / CV [redacted] | [redacted] | |
| Owes | Owesiessen 18:00 | Owesiessen [redacted] | Owesiessen 18:00 | Owesiessen 18:00 | Owesiessen 19:00 | Owesiessen 19:00 | Schluss |
| | Ufanksveillée [redacted] | Ruddel Owend 20:30 | Sous-Camp-Owend 20:00 | Ruddel Owend (Spiri) | Nuetsspill 20:30 | Ofschloss-veillée [redacted] | |

RF / CV = Rotsfiels / Chefversammlung

# Sous-Camp 2 - Vadid



## Gruppen

- Cents
- Eschduerf
- Esch - Grenz
- Gaasperech
- Jonglënster
- Lëtzebuerg - Belair
- Luerenzweiler
- Miersch
- Réimech
- Schëffleng
- Suessem



**Sous-Camp-Chef:**

Laura Weyer



**Sous-Camp-Chef:**


Luca Fiorucci

## Programm Sous-Camp 2 - Vadid

| | So. 20.07.25 | Méi. 21.07.25 | De. 22.07.25 | Me. 23.07.25 | Do. 24.07.25 | Fr. 25.07.25 | Sa. 26.07.25 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| | Gemeinsame Programm | Roulement an de Sous-Campen | | | | Gemeinsame Programm | Gemeinsame Programm |
| | | Programm D | Programm A | Programm B | Programm C | | |
| | | Kreativen Dag | Sortie - Dag | Waasser - Dag | Rallye - Dag | | |
| Moies | | Kaffi 8:30 | Kaffi 7:30 | Kaffi 8:30 | Kaffi 7:30 | Kaffi 8:30 | Kaffi 7:30 |
| | | Kreativ Atelieren 10:00 | Sortie 9:00 | Schwämm / Spiller um Site 10:00 | Rallye 9:00 | Olympiad 10:00 | Raumen an Apaken |
| Méttes | | Méttesiessen 12:00 | Picknick | Méttesiessen 12:30 | Picknick | Méttesiessen 13:00 | Méttesiessen |
| | Ukommen & Auspaken | Kreativ Atelieren 14:00 | Sortie | Schwämm / Spiller um Site 14:00 | Rallye | Olympiad 14:30 | Besucherdag |
| | RF /CV 17:00 | RF / CV [redacted] | RF / CV [redacted] | RF / CV [redacted] | [redacted] / RF [redacted] / CV | [redacted] | |
| Owes | Owesiessen 18:00 | Owesiessen [redacted] | Owesiessen 19:00 | Owesiessen 18:00 | Owesiessen 18:00 | Owesiessen 19:00 | Schluss |
| | Ufanksveillée [redacted] | Nuetsspill 20:30 | Ruddel Owend 20:30 | Sous-Camp-Owend 20:00 | Ruddel Owend (Spiri) | Ofschloss-veillée [redacted] | |

RF / CV = Rotsfiels / Chefversammlung

# Sous-Camp 3 - Lop



## Gruppen

- Arche de Noé
- Beefort
- Bouneweg
- Ettelbréck - Guiden
- Klierf
- Lëtzebuerg - Lampertsbierg
- Monnerech
- Réiserbann
- Rodange-Lamadelaine
- Stengefort
- Walfer



**Sous-Camp-Chef:**

Myriam Lentz



**Sous-Camp-Chef:**

Lara Nicolay

## Programm Sous-Camp 3 - Lop

| | So. 20.07.25 | Méi. 21.07.25 | De. 22.07.25 | Me. 23.07.25 | Do. 24.07.25 | Fr. 25.07.25 | Sa. 26.07.25 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| | Gemeinsame Programm | Roulement an de Sous-Campen | | | | Gemeinsame Programm | Gemeinsame Programm |
| | | Programm C | Programm D | Programm A | Programm B | | |
| | | Rallye - Dag | Kreativen Dag | Sortie - Dag | Waasser - Dag | | |
| Moies | | Kaffi 7:30 | Kaffi 8:30 | Kaffi 7:30 | Kaffi 8:30 | Kaffi 7:30 | Kaffi 8:30 |
| | | Rallye 9:00 | Kreativ Atelieren 10:00 | Sortie 9:00 | Schwämm / Spiller um Site 10:00 | Olympiad 10:00 | Raumen an Apaken |
| Mëttes | | Picknick | Mëttesiessen 12:00 | Picknick | Mëttesiessen 12:30 | Mëttesiessen 12:00 | Mëttesiessen |
| | Ukommen & Auspaken | Rallye | Kreativ Atelieren 14:00 | Sortie | Schwämm / Spiller um Site 14:00 | Olympiad 13:30 | Besucherdag |
| | RF / CV 18:00 | [redacted] / RF / CV [redacted] | RF / CV [redacted] | RF / CV [redacted] | RF / CV [redacted] | [redacted] | |
| Owes | Owesiessen 19:00 | Owesiessen [redacted] | Owesiessen 19:00 | Owesiessen 19:00 | Owesiessen 18:00 | Owesiessen 18:00 | Schluss |
| | Ufanksveillée [redacted] | Ruddel Owend (Spiri) | Nuetsspill 20:30 | Ruddel Owend 20:30 | Sous-Camp-Owend 20:00 | Ofschloss-veillée [redacted] | |

RF / CV = Rotsfiels / Chefversammlung

# Sous-Camp 4 - Fidra

## Gruppen

- Beetebuerg
- Biekerech
- Bieles-Zolwer
- Diddeleng
- Dikrich
- Gamma
- Housen-Houschent
- Lëtzebuerg - Kiem
- Nidderaanwen
- Sandweiler
- Wuermer
- Zéisseng



**Sous-Camp-Chef:**

Delphine Lambert



**Sous-Camp-Chef:**

Charlie Arnold

## Programm Sous-Camp 4 - Fidra

| | | So. 20.07.25 | Méi. 21.07.25 | De. 22.07.25 | Me. 23.07.25 | Do. 24.07.25 | Fr. 25.07.25 | Sa. 26.07.25 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| | | Gemeinsame Programm | Roulement an de Sous-Campen | | | | Gemeinsame Programm | Gemeinsame Programm |
| | | | Programm B | Programm C | Programm D | Programm A | | |
| | | | Waasser - Dag | Rallye - Dag | Kreativen Dag | Sortie - Dag | | |
| Moies | | | Kaffi 8:30 | Kaffi 7:30 | Kaffi 8:30 | Kaffi 7:30 | Kaffi 7:30 | Kaffi 8:30 |
| | | | Schwämm / Spiller um Site 10:00 | Rallye 9:00 | Kreativ Atelieren 10:00 | Sortie 9:00 | Olympiad 10:00 | Raumen an Apaken |
| Mëttes | | | Mëttesiessen 12:30 | Picknick | Mëttesiessen 12:00 | Picknick | Mëttesiessen 12:00 | Mëttesiessen |
| | | Ukommen & Auspaken | Schwämm / Spiller um Site 14:00 | Rallye | Kreativ Atelieren 14:00 | Sortie | Olympiad 13:30 | Besucherdag |
| | | RF / CV 18:00 | RF / CV [redacted] | [redacted] / RF [redacted] / CV | RF / CV [redacted] | RF / CV [redacted] | [redacted] | |
| Owes | | Owesiessen 19:00 | Owesiessen [redacted] | Owesiessen 18:00 | Owesiessen 19:00 | Owesiessen 19:00 | Owesiessen 18:00 | Schluss |
| | | Ufanksveillée [redacted] | Sous-Camp-Owend 20:00 | Ruddel Owend (Spiri) | Nuetsspill 20:30 | Ruddel Owend 20:30 | Ofschloss-veillée [redacted] | |

RF / CV = Rotsfiels / Chefversammlung


# Ravi - Iessen um Camp

| | | 20.07. Sonndeg | 21.07. Méindeg | 22.07. Dënschdeg | 23.07. Mëttwoch | 24.07. Donneschdeg | 25.07. Freides | 26.07. Samschdeg |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Moies-iessen | | / | Moiesiessen | Moiesiessen | Moiesiessen | Moiesiessen | Moiesiessen | Moiesiessen |
| Mëtteg-iessen | S-C 1 | / | Picknick | Wraps mat Poulet a Geméis | Picknick | Käsespätzle mat Muertenzalot | Nasi Goreng | Grillwurscht |
| | S-C 2 | | Croque Monsieur mat grénger Zalot | Picknick | Gromperen-zalot mat Wirschter-cher | Picknick | | |
| | S-C 3 | | Picknick | Wraps mat Poulet a Geméis | Picknick | Käsespätzle mat Muertenzalot | | |
| | S-C 4 | | Croque Monsieur mat grénger Zalot | Picknick | Gromperen-zalot mat Wirschtercher | Picknick | | |
| Owes-iessen | | Poulets-geschnetzeltes mat Räis an Ierbessen | Lënse-Grompere-Curry | Penne Bolognese mat grénger Zalot | Panéierte Fësch mat Nuddelen an Tomatenzalot | Eeërtriwwel mat Gromperen a Brokkoli | Gulasch mat Paprika an Nuddelen | / |

# Fotoe vum Camp

Scan dëse QR-Code fir dir d'Fotoe vum Mystaria 2025 unzekucken oder géi op: ***https://mystaria.lgs.lu/fotoen***

Falls dëse Link eng Kéier mol net méi goe géif, fënns de d'Fotoen nach ëmmer op eisem flickr: ***https://www.flickr.com/photos/guidena-scouten/albums***



# Nëtzlech Informatiounen

## Noutfallnummer

☎ **26 94 84 69** (ëmmer erreechbar)
→ Am Fall vun engem **net medezineschen** Noutfall (bsp. e Brand)
⚠ Fir Medezinesch Noutfäll kuck de Punkt Infirmerie

## Sekretariat (Eile-Post)

📍 Plang S.14-15
🕒 8:00-18:00
☎ **26 94 84 60**
👤 **Tija (Cindy Melcher) an Nicole Turmes**
→ Umellen, ofmellen, Froen, Problemer, keng Problemer, eppes verluer, eppes fonnt, ... Mir si fir iech do!

## Infirmerie (Ploschtertuerm)

📍 Plang S.14-15
🕒 7:00-10:00, 12:00-14:00 a 17:00-19:00
☎ **26 94 84 62** (ëmmer erreechbar)
👤 **Martine Duscherer, Zoe Metzler a Myriam Hoffmann**
→ Hëllef bei Verletzungen an anere medezinesche Problemer
⚠ Am Fall vun engem medezineschen Noutfall kontaktéiert fir d'éischt:
- op der Campplaz d'Infirmerie
- ausserhalb vun der Campplaz den 112 (duerno d'Infirmerie)

## Crèche (Wichtelhaus)

📍 Plang S.14-15
👤 **Lex Meier**
→ Fir kleng a grouss Kanner vu Staff a Chef, déi net mat engem Ruddel um Camp sinn

## Sécherheet


👤 **Fabi (Georges Faber)**

## Fräizäit

🕒 **Auerzäit:** All Dag no den Aktivitéite bis zum Owesiessen (16:30-18:00/19:00)
🎪 **Offer:** An der Glitzergrott am Park fann dir vill Aktivitéiten, Spiller a Plaz fir ze Raschten
🕊 **Spiri for Kids:** rouegen Eck fir Aktivitéiten. En "Oppent Ouer" wärend dem ganze Camp fir Kanner a Chef, deenen eppes um Häerz läit (Pësper-Eck).
📦 **Pädagogesch Kofferen:** Fräizäitspiller a Material kënne vun de Chef vu 16:30-17:50 an der Eilepost ausgeléint ginn (Outdoor, Fallschierm, Volleyball, Waasseraktivitéiten, Balltransport, Tower of Power)
📋 **Zäit fir d'Chargë laut Chargëplang:** Duschen, Botzen, Dréck ewech bréngen, etc.

All emojis designed by OpenMoji – the open-source emoji and icon project. License: CC BY-SA 4.0

# Kreativen Dag mam Glimmerwicht




**Hei stelle mir dir déi verschidden Ateliere vir**. Esou kanns du dir am Virfeld schonn iwwerleeë wat‘s du alles op dësem Kreativen Dag erliewe kanns. Niewent den Ateliere fënns du och nach eng ganz Rei Spiller an Aktivitéiten um Site verdeelt.


1. **Danzen:** Zesumme mat enger Danzproff léiert dir e flotten Danz. Dësen Danz gëtt um Besucherdag gewisen.
   ***Opgepasst : dësen Atelier huet limitéiert Plazen a fënnt just um 10:30 statt.***
2. **Dreem:** Hei kriss du d‘Geschicht „Wo deine Träume wachsen“ virgelies an zesumme mat deenen anere Wëllef iwwerleet dir wéi eng Dreem et ginn a ewéi eng Dreem mir hunn. Duerno bastels du e klenge Schatz.
3. **Escape Room:** Léis verschidde Rätsel fir d‘Schatztru opzekréien.
4. **Frëndschaft:** An dësem Atelier kanns du dir Gedanken iwwert Frëndschaft maachen. Nieft de verschidde Statiounen, bastels du awer och e Kaddo fir e Frënd.
5. **Frëndschaftsbännecher:** Hei maacht dir e flott Frëndschaftsbännchen.
6. **Holzscheiwe molen:** Hei kanns du dir e flotte Porte-clé aus enger Holzscheif bastelen.
7. **Gedanken a Gefiller:** D‘Geschicht vum Gedankesammler gëtt erzielt an eng Mask gebastelt, déi eis Gefiller ausdréckt. Dës Mask gëtt op eiser Gefillswand opgehaangen.
8. **ONG:** Tauch an an déi geheimnisvoll Welt am Süde vum Senegal. Hei regéieren Déieren, Planzen an aner magesch Wiesen.
9. **Glitzermix a Knabberspaass:** Hei kanns du dir e glitzerechen Cocktail mixen an eppes iessen.
   ***Opgepasst dësen Atelier huet just limitéiert Plazen.***
10. **Hexekichen:** An der Hexekichen kanns du dech kreativ austoben. Hei stinn dir ganz vill verschidde Materialien zur Verfügung fir dech kreativ auszetoben. Du fënns awer och eng Rei Ausmolbiller.
11. **Neelbiller:** Maach der e flott Bild aus Neel a Woll.
12. **Postkaarten:** Hei kanns du Postkaarte schreiwen an dekoréieren.
13. **Rou:** an dësem rouegen Eck ginn Dramreesen a Kanneryoga ugebueden.
14. **Scoutskniet:** An dësem Atelier léiers du verschidde Scoutskniet kennen. All Knuet deens de geléiert hues, mëss du dono op engem Holzbried fest. Esou hues du eng Erënnerung un d‘Kniet.
15. **Siebdruck:** Mat Hëllef vun der Siebdrucktechnik kanns du dir de Logo vum Camp op däi wäissen T-Shirt drécken.
16. **Specksteen:** Aus Specksteen kanns du dir en Amulett maachen.
17. **Stackbrout:** An dësem Atelier kanns du dir e Stackbrout iwwert dem Feier maachen.
18. **Zauberstaf schnëtzen:** Du kanns dir däin eegnen Zauberstaf schnëtzen.
19. **Zaubertënt:** Du kriss eng spannend Challenge vum Glimmerwicht. Dës Challenge muss du op eng kreativ Aart a Weis mat der Zaubertënt léisen.
20. **Zauberëmhang:** Du kanns dir mat Hëllef vun erfuere Madammen en Zauberëmhang bitzen.
    ***Opgepasst dësen Atelier huet just limitéiert Plazen.***
21. **Zirkus:** Léier verschidden Zirkustricker zesumme mam Clown a mam Zirkusdirekter.

# Kreativen Dag - Stempelen


Komm mat mir op meng Statiounen! Ech hu vill spannend Ateliere fir dech. Fir all Atelier, deen‘s du fäerdeg méchs, kriss du vu mir e Glimmer-Stempel.

**Sammel bei all Atelier e Stempel!**






# Atelier „Fondation Cancer“



Fondation Cancer

Info · Aide · Recherche



Fondation Cancer

Info · Aide · Recherche

# Gemeng Stroossen




Kanton: Lëtzebuerg

## Gemeng Stroossen

*Wopen* *Logo*



**10,71 km²**

**10.708**
**(1. Juni 2025)**
**117 Nationalitéiten**

**4,18 km²**

**750 Schoulkanner**

**5 Schoulen**

**8 Sportplazen**

- 2 Turnhalen
- 3 Fussballsterrainen
- 1 Skatepark
- 2 Beachvolleyballsterrainen
- 1 Karate a Judo Hall
- 1 Bouschéiss Hal
- 1 Schwämm

**1 Scoutsgrupp (Kiewerlecken, FNEL)**


**28 Veräiner**

















# Camplidd

***Intro:***
C - G - Am - F

***Refrain:***
C G
Mystaria, Mystaria, an der Zauberwelt
Am F
Mat de Frënn, wou et eis gutt gefält

C G
Mystaria, Mystaria, zesummen an eisem Ruddel
Am F
Hu mir vill Spaass an dësem Kuddelmuddel

C G
Mystaria, Mystaria, d'Wëllef aus dem ganze Land
Am F
Fannen eise Wee, Scouten Hand an Hand

C
Mystaria

***Stroph 1:***
Am G C
Gerutscht an dat magescht Land
Am G C
An engem Zauberbësch gelant

Am G C
D'Portal ass futti, t'gëtt keen zeréck
Am G C
Mir musse stäipen eis de Réck

Am G C
An der Waasserwelt ënnerwee
Am G C
Entdecke mir Wiesen allerlee

**Lidd an Text vum:**
Giulia Calamida
Pit Kasel
Anouk Mertens

***Pre - Refrain:***
C G
6 ganz Nuechten am Zelt
Am F
schlofe mir um Fussballsfeld

C G
D'Feier ass scho waarm
Am F
Mir liewen eise beschten Dram

C G
Scout ze sinn ass schéin
Am F
Dofir sange mir dës Téin

***Refrain***

***Stroph 2:***
Am G C
Eis Kreativitéit ass konterbont
Am G C
Esou hu mir all d'Stécker fonnt

Am G C
Den Zauberer zu eiser Säit
Am G | C
Hu mir gewonne géint d'Zäit

Am G C
All zesumme géint de Wand
Am G C
Si mir duerch d'Portal gerannt

**Pre – Refrain**

***Refrain (x2)***

# Lidderbuch

## Héich de Bockel voll Gepäck
T.&M: Traditional

***Stroph 1:***
Héich de Bockel voll Gepäck,
mat Kachdëppen a Stréisäck,
zéie mir géint d'Sonn,
déi schéi Mueressonn.
Mir si fräi vu Suerg a Leed,
a mir sange voller Freed,
fir e Scout schléit keng béis Stonn!

***Refrain:***
E fräit Liewen, ass onst Striewen,
a Kapp héich am Wand
zéie mir duerch d'Land.
D'Bëscher wénken, d'Fielse klénken,
well e Scout dat ass hiert Kand.

***Stroph 2:***
A soubal et Mëtteg laut,
gëtt e Feierlach gebaut,
well en eidle Mo
ass eng uereg Plo.
An a voller Eenegkeet,
ginn dann d'Plättele gefeet,
well do si mir all déck do!

***Refrain***

***Stroph 3:***
't si vill Länner op der Welt,
mee 't ass keent wat mir gefält,
wéi mäi Lëtzebuerg,
mäi schéint Lëtzebuerg.
't ass sou klinzeg, klinzeg kleng,
an de Gënz bléit op den Häng,
iwwerall zu Lëtzebuerg!

***Refrain***

## Wou d'Scouten zesumme sinn
T.&M: Traditional

***Stroph 1:***
Wou d'Scouten zesumme sinn,
do schéngt ëmmer d'Sonn,
do gëtt et keng trauereg Minn.
Si sangen a sprangen,
hunn ëmmer gudde Mutt
a kenne keng flemmseg Stonn.

***Refrain (2x):***
Scout ze sinn o Jonge,
Jongen, dat ass schéin.
Scout ze sinn,
dat ass dat schéinste Gléck.

***Stroph 2:***
A kënnt dann den Dag,
wou op de Camping mir ginn,
hei kuckt dann, wéi blénken eis An.
Et mengt een, mir géingen
eng Rees ëm d'ganz Welt man.
Eng gréisser Freed ka keen ons man.

***Refrain (2x)***

***Stroph 3:***
Wat mir emol versprach hunn
dat hale mir och fest,
do gëtt et fir ons blouss e Wee.
De Mënschen ze hëllefen,
dozou di mir onst Bescht,
mir wëlle kee Loun, 't ass o.k.

***Refrain (2x)***

## Fei Leit ginn zu Fouss
T.&M: Traditional

***Stroph 1:***
Fei Leit ginn zu Fouss, de Pak dee fiert mam Aut'mobil,
wie keng Fotell huet, dee sëtzt sech grad sou gär op d'Still.
Wie kee Piano huet, dee päift um Mondstéck mat Gefill,
jo dat kascht och net sou vill!

***Refrain:***
Glori, glori, haleluja,
glori, glori, haleluja,
glori, glori, haleluja,
jo dat kascht och net sou vill!

***Stroph 2:***
Schëtt de Kaffi duerch eng Strëmp, huel nëmmen ni eng frësch,
lee deng Schmier op d'Bänk, a stell deng Schong schéin op den Dësch.
Hues d'emol keen Esseg da schëtt Framboise op d'Zalot,
jo, sou huet de Chef gesot!

***Refrain***

***Stroph 3:***
D'Lëtzebuerger Guiden hunn hir Schong gutt ageschmiert,
an all Plaz vum Zelt gëtt mat der Zännbiischt ausgekiert.
An dat bescht Geméis, dat ass ee Bifdeck vun zwee Pond,
jo dat hält de Kapp gesond!

***Refrain***

***Stroph 4:***
Jo mir hunn e Kach, dat ass en aartleche Kadett,
bal sinn d'Grompre blann, déi aner Kéier sinn se fett.
Bal ass d'Mëllech sauer a bal ass se ëm zu Brach,
an dat nennt sech eise Kach!

***Refrain***

***Stroph 5:***
Wäissbrout bake mir net an der Kachmaschinn am Haus,
lee den Deeg an d'Äschen, zéi e fréi genuch eraus.
Hues de mol kee Miel, da schëtt alt Persil an den Deeg,
jo da gëtt de Mo der weech!

***Refrain***

## Kapp, Schëller, Knéie, Féiss
T.&M: Traditional

Kapp, Schëller, Knéie, Féiss, Knéie, Féiss
Kapp, Schëller, Knéie, Féiss, Knéie, Féiss
Kapp, Schëller an och d'Nues derbäi.
Kapp, Schëller, Knéie, Féiss, Knéie, Féiss

All Kierperdeel gëtt mat den Hänn gewisen, no all Stroph gëtt ee Kierperdeel nom aneren net méi gesongen, ma just mat den Hänn gewisen, esou datt zum Schluss vum Lidd nach just d'Wieder: an och ... derbäi" gesonge ginn.

## E Scout

T: LGS Diddeleng, LGS Réiserbann
M: „Go West“ Village People

***Stroph 1:***
Scouten, hunn eng Uniform un.
Scouten, maan do vill Badger drun.
Scouten, eise Foulard verbënnt.
Scouten, egal vu wou ee kënnt.

***Refrain:***
E Scout, dat ass däi beschte Frënd.
E Scout, deen dir zur Hëllef kënnt.
E Scout, jo dat ass guer keng Fro.
E Scout, ass ëmmer fir dech do.

***Stroph 2:***
B.P., deen huet d'Scoute gegrënnt.
England, dat ass vu wou hie kënnt.
Hien huet, vill jonk Leit beweegt.
Si hunn, zesumme vill erreecht.

***Refrain***

***Stroph 3:***
Um Camp, schlofe mir am Zelt.
Et ass, dat schéinst op der Welt.
Hoffen, dass all Knuet och hält.
An dass, herno keen Trepied fält.

***Refrain***

***Stroph 4:***
Mir si, gären an der Natur.
Dreck huet, fir eis do näischt verluer.
Vill Spaass, deen hu mir och am Reen.
D'Wieder, ass fir eis kee Problem.
Refrain

***Stroph 5:***
Owes, wa mir beim Feier sinn.
An eis ouni Wieder verstinn.
Zesumme, sange mir ee Lidd.
A ginn, och iwwerhaapt net midd.

***Refrain***

***Stroph 6:***
Scouten, verbënnt eis alleguer.
Scouten, bei eis ass kee verluer.
Scouten, sinn ëmmer hëllefsbereet.
Scouten, man all de Mënsche Freed.

***Refrain***

## Mir sangen am Reen

T: onbekannt - M: Nacio Herb Brown

Mir sangen am Reen,
mir sangen am Reen,
wat ass dat ee Gefill,
wa mir sangen am Reen,
mir sangen an danzen an dem Reen.

De Virsänger rifft: “Daumen eraus”;
Iwwerdeems streckt de Virsänger seng Äerm no vir, mat den Daumen no uewen.
De Chouer widderhëlt den Text a mécht déi selwecht Beweegung no.
Zesumme soen si follgenden Text a wackelen dobäi mat den Hëften:
“Tchu-tchu-tcha, Tchu-tchu-tcha, Tchu-tchu-tcha-tacha, tcha-tcha-“
Bei den nächste Strophe kënnt all Kéiers eent vun dësen Elementer derbäi:
- Daumen eraus
- d'Ielebéi zeréck
- d'Féiss zesummen
- d'Knéie gebéit
- den Hënner no hannen
- d'Broscht eraus
- de Kapp an d'Genéck
- d'Zong eraus

## An engem klengen Dueref

T: Dicks - M: Traditional

***Stroph 1:***
An engem klengen Dueref, 't gouf Butschebuerg genannt,
do hate mir kee Lueref, d'Leit hunn eis all erkannt.
Mat Knëpplen a mat Benglen, sinn si eis nogewëscht,
mir si geflu wéi d'Englen, mam Instrument op d'Mëscht.

***Refrain:***
Hei 't ass eng Freed, ewéi et geet.
Mir halen op der Gaass.
Mir man de Leit vill Spaass.
D'Klarinett ass ëmmer prett.
D'Leit laache sech eng Boss, mee 't ass jo net ëmsoss.

***Stroph 2:***
Ass Kiermes mol dorëmmer, da si mir fein eraus,
mir man et wéi déi Lënster, a gi vun Haus zu Haus.
Mir sangen a mir päifen a fänke kräfteg un,
da komm'n aus alle Fënstren, d'Kachdëppen nogeflunn.

***Refrain***

***Stroph 3:***
Mir hate wuel am Liewen, scho muenech schwiereg Fäll.
A sollte mir mol stierwen, da fléie mir jupps an d'Hell!
Mir fänken un ze blosen, dat hält keen Däiwel aus,
mir blose wéi klorosen, bis dass s'ons looss'n eraus.

***Refrain***

***Stroph 4:***
Da komme mir an d'n Himmel, wou d'Engelcher do sinn.
Mir Zéien un der Bimmel, a man eng glécklech Minn.
Wa mir e Liddche sangen, dat d'Mauren ziddren deet,
dann d'Engelcher déi sprangen, vu Gléck a lauter Freed.

***Refrain***

***Stroph 5:***
Da kënnt den hellge Péitrus: “Ech mengt wann dir iech dréckt!
Dir maacht mir jo meng Englen, meng Engle ganz verréckt!”
Do si mir ofgaangen, do si mir ofgefall,
an ouni Zéck a Baangen, op Diddleng an den Dall!

***Refrain***

## An der déiwer Dschungel

T.&M: onbekannt

An der déiwer Dschungel,
dohanne bei dem Rotsfiels
sëtzt den Akela
a waart op de Mowgli,
A scho kommen d'Wëllef
mam Balu senger Hëllef
A mam Baghira, der schwaarzer Dschungelkaz

## Ensemble on est mieux
T.&M: Théophile Rénier, Yacine Azaiez, Yves Schotte

***Stroph 1:***
J'm'en souviens, j'avais six ans,
J'comprenais pas c'que voulaient mes parents
Quand ils m'ont dit „mon enfant
Va chez les scouts, c'est important"
Moi, j'flippais grave au début
J'sortais d'chez moi, d'mes habitudes
Mais la ribambelle m'ouvre la porte
Et au final le rire m'emporte

***Refrain (2x):***
Ensemble on est mieux
On a du mal à s'dire adieu
Les scouts nous portent, nous transportent
Nous font danser comme le feu

***Stoph 2:***
Puis j'me rappelle de mes huit ans
Chez les Louveteaux tout était différent
Je découvrais la vie au grand air
Les jeux dans l'bois, la vie sans manières
On court partout, on fait les fous
On rit, on chante, comme des loups
Avec la meute, j'deviens plus grande
La force du loup, c'est le clan

***Refrain (2x)***

***Stoph 3:***
Arrivé chez les Éclaireurs
Plus personne ne me faisait peur
Quand j'suis en bande avec mes potes
J'me sens plus fort même pour la tot'
On vit ensemble et en patrouille
On devient les rois d'la débrouille
On construit même nos pilotis
À bout de bras et d'énergie

***Refrain (2x)***

***Stroph 4:***
Puis viennent les pi's et leurs envies
D'aventure et de fantaisie
Pour ça on rêve toute l'année
On veut qu'une chose, c'est tout changer
Durant le camp, on s'ouvre à tout
Une autre culture, un autre chez nous
On vient, on aide, si on peut
On échange même avec des vieux

***Refrain (2x)***

***Stroph 5:***
Enfin, tu es Animateur
Du temps, du talent et du cœur
Et tu t'engages bénévolement
À transmettre tout c'que t'as dans l'sang
Parfois, c'est vrai, c'est la galère
Mais c'est pas grave, en staff tu gères
Baden-Powell est fier de toi
Chante avec moi et lève trois doigts

***Refrain (4x)***

## Wann de Balu
T.&M: onbekannt

Wann de Balu, de Kaa an de Baghira mat dem Mowgli an der déiwer Dschungel jon, an den Chil kuckt mat sénge schaarfen An, dann däerf keen anren sech an d'Dschungel won.
Ya-ha-hu Wëllef, ya-ha-hu Wëllef, äre grousse Brudder dee sinn ech, well mir si jo all vun engem Blutt an dësem grousse Bësch, de Mowgli, Balu, Kaa a Baghira-a-a.

## Flinke Hände, flinke Füße
T: Wolfgang Poeplau
M: Ludgar Edelkölter aus Alle Knospen springen auf

***Stroph 1:***
Kriecht aus eurem Schneckenhaus, zieht die alten Kleider aus.
Wir wollen fair und ehrlich sein, setzen unsre Kräfte ein

***Refrain:***
Kommt lasst uns den Anfang machen, wir probieren neue Sachen.
Wir brauchen Mut und Fantasie, sonst ändern wir die Erde nie!
Flinke Hände, flinke Füße, wache Augen, weites Herz,
Freundschaft, die zusammenhält, so verändern wir die Welt.
Flinke Hände, flinke Füße, wache Augen, weites Herz,
Freundschaft, die zusammenhält, so verändern wir die Welt.

***Stroph 2:***
Steht nicht abseits, schließt den Kreis, jeder neue Freunde weiß.
Wir brauchen Menschen, die mit uns gehn, die Welt mit ihren Herzen sehn.

***Refrain***

***Stroph 3:***
Seht die Welt mit Wachen Augen, lasst die Sprüche, die nichts taugen.
Wir glauben an den guten Geist, der den rechten Pfad uns weist.

***Refrain***

***Stroph 4:***
Singt die Lieder, tanzt, seid heiter, sagt es allen Leuten weiter!
Wir haben Hoffnung, die uns trägt, die Brücken zu den Menschen schlägt.

***Refrain***

## Neunundneunzig Luftballlons
T.&M: Carlo Karges, Joern Fahrenkrog-Petersen

Hast du etwas Zeit für mich
Dann singe ich ein Lied für dich
Von 99 Luftballons
Auf ihrem Weg zum Horizont
Denkst du vielleicht grad' an mich
Dann singe ich ein Lied für dich
Von 99 Luftballons
Und dass sowas von sowas kommt

99 Luftballons
Auf ihrem Weg zum Horizont
Hielt man für Ufo's aus dem All
Drum schickte ein General
'Ne Fliegerstaffel hinterher,
Alarm zu geben, wenn's so wär'
Dabei war'n dort am Horizont
Nur 99 Luftballons.

99 Düsenflieger
Jeder war ein großer Krieger
Hielten sich für Captain Kirk
Es gab ein großes Feuerwerk
Die Nachbarn haben nichts gerafft
Und fühlten sich gleich angemacht
Dabei schoss man am Horizont
Auf 99 Luftballons

99 Kriegsminister
Streichholz und Benzinkanister
Hielten sich für schlaue Leute
Witterten schon fette Beute
Riefen Krieg und wollten Macht
Mann, wer hätte das gedacht
Dass es einmal soweit kommt
Wegen 99 Luftballons
Wegen 99 Luftballons
99 Luftballons

99 Jahre Krieg
Ließen keinen Platz für Sieger
Kriegsminister gibt's nicht mehr
Und auch keine Düsenflieger
Heute zieh' ich meine Runden
Seh' die Welt in Trümmern liegen
Hab' 'nen Luftballon gefunden
Denk' an euch und lass' ihn fliegen

# Rätselen & Spiller

Fann d'Wieder, déi sech an dësem **Suchsel** verstoppt hunn.
Ënne stinn d'Wieder, déi am Rätsel dra sinn. Vill Gléck!

| | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| C | P | G | L | I | M | M | E | R | W | I | C | H | T | H | N | Q | R | A | X | V |
| L | K | D | L | V | O | U | G | W | E | L | L | E | F | C | H | E | R | I | U | X |
| Q | B | D | J | K | R | E | A | T | I | V | I | T | E | I | T | W | J | I | E | U |
| F | L | L | X | R | V | F | J | F | J | H | M | F | L | O | R | I | Q | T | C | C |
| O | U | J | V | Q | P | F | Y | S | F | A | B | E | N | T | E | U | E | R | S | F |
| V | E | Z | U | J | O | J | M | L | Z | L | P | M | A | G | E | S | C | H | A | U |
| X | M | A | F | V | L | J | S | T | R | O | O | S | S | E | N | C | U | Z | J | O |
| B | B | U | P | H | E | W | Z | G | Q | H | E | L | L | E | F | M | H | C | Y | L |
| U | O | B | L | Q | N | C | M | Y | S | T | A | R | I | A | K | V | B | L | P | X |
| L | C | E | L | B | E | G | W | Q | Q | Z | P | L | V | W | A | A | S | S | E | R |
| Y | U | R | D | E | K | Q | J | W | S | M | E | A | Q | N | P | F | R | E | N | N |
| S | M | P | R | A | L | L | Y | E | S | W | G | Q | Y | Q | M | W | Y | Y | F | C |
| A | B | Y | W | D | A | V | I | D | T | O | S | U | J | B | G | B | O | Z | L | U |
| N | R | G | O | U | F | U | Q | V | Y | B | X | I | C | Q | W | M | P | L | Z | B |
| D | A | G | V | R | E | S | U | X | B | V | F | L | A | F | X | N | O | B | J | H |
| E | F | N | R | E | V | C | O | J | S | B | R | L | M | C | C | Y | S | E | U | L |
| R | Y | Y | C | B | Y | O | B | O | I | V | I | A | P | P | S | Z | O | N | B | D |
| L | G | A | D | H | P | U | E | Y | F | C | D | Z | I | O | P | O | R | T | A | L |
| R | E | V | V | R | Y | T | F | U | P | C | A | V | N | B | I | R | T | L | Y | P |
| O | M | C | A | G | C | E | G | V | J | E | Z | J | G | M | I | F | I | U | O | Y |
| Y | F | C | B | M | U | N | J | I | F | B | L | F | L | B | P | B | E | B | P | J |

**Dës Wieder sinn am Suchsel verstoppt:**
Mystaria, Aquilla, Umbra, Lysander, Glimmerwicht, Pol, Lori, David, Frida, magesch, Zauber, Frenn, Abenteuer, Wellefcher, Scouten, Stroossen, Camping, Portal, Hellef, Waasser, Rallye, Sortie, Kreativiteit


Maach e Kräiz an déi Këscht, déi op dech zoutrefft! Wann's du eng Rei voll hues (horizontal, vertikal oder schif), hues du e **Bingo**!

**Um Wëllefcherscamp „Mystaria" hunn ech ...**

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| mäi Versprieche gemaach. | wonnerschéi Momenter erlieft. | all d'Rätselen aus dem Campbuch gemaach. | engem e Fréndschafts-knuet gemaach. | duerch d'Portal gaangen. |
| fir d'éischt Kéier am Zelt geschlof. | en Zaubertrick geléiert. | en neit Lidd geléiert. (ausser d'Camplidd) | d'Nimm vun de 4 Kanner verhalen. | beim Lagerfeier gesongen. |
| de Sanitär benotzt. | Frühsport gemaach. | mech verletzt a misst an d'Infirmerie. | eppes verluer a nees erëmfonnt. | eppes giess, wat ech nach net kannt hunn. |
| e „Bon" gemaach. | eng nei Fréndschaft geschloss. | e Bengel geschnëtzt. | d'Campliddd ganz auswenneg geléiert. | meng Schong ni dobausse virum Zelt stoe gelooss. |
| mech wéinst der Sonn verbrannt. | d'Nimm vun de 4 Wiese verhalen. | net opgepasst a sinn iwwer ee Spaner gefall. | e faarwege Champignon begéint. | eng Kamell vum Sekretariat krut. |



Beäntwer d'Froen, fëll d'Wierder an **d'Kreuzworträtsel** an a fann de verstoppte Léisungssaz eraus. Vill Spaass!





1. Wéi heescht déi verzaubert Welt, an déi d'Kanner gerutscht sinn?
2. Wéi vill Kanner rutschen an déi verzaubert Welt?
3. Wéi ville magesche Wiese begéinen d'Frënn?
4. Wat mussen d'Kanner reparéieren, fir zeréck an d'Mënschewelt ze kommen?
5. Wat ass d'Faarf vum David sengem Sous-Camp?
6. Wat ass d'Faarf vum Lori sengem Sous-Camp?
7. Wat ass d'Faarf vum Frida sengem Sous-Camp?
8. Wat ass d'Faarf vum Pol sengem Sous-Camp?
9. Wéi heescht dat magescht Wiesen, dat de Rallye organiséiert?
10. Wéi nennt sech dat klengt Wiesen, dat d'Form verännere kann?
11. Wéi heescht d'Wiesen, dat am Séi wunnt?
12. Wat huet de Nogrel dem Waasserwiese geklaut?
13. Wéi heescht déi magesch Eil, déi am Bësch lieft?
14. Wat huet déi magesch Eil ëm den Hals?
15. D'Kanner sinn an der magescher Welt gelant. Ween huet hinne gesot, a wéi enger Welt si sinn?

**Léisungssaz**

1 2 3 4 5 6   7 8   9 10 11 12 13

F 15 16 17 18 ,   20 ' 22 23 24 25 26 27


28 29   30 E P 33 34 E 36 E 38 E 40 .



De Pol gëtt net richteg eens... Hëllef him dëse **Sudoku** ze léisen!

| | | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| | 8 | 2 | | 9 | 7 | 1 | | |
| | | 9 | | | | 7 | 3 | 6 |
| | | | | 3 | 4 | 2 | | 8 |
| 1 | | 4 | | 5 | 3 | | | |
| | 7 | | | | | | | 9 |
| 9 | | | 7 | 4 | 8 | | | |
| | | 7 | 4 | 1 | 6 | | | |
| 8 | | | | 7 | 9 | | | 1 |
| 6 | | | 3 | 8 | | 9 | | 2 |


| | | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| | 6 | | 1 | 9 | | | | |
| 7 | 4 | | 5 | | | | 8 | |
| | 9 | 1 | | | | | | 4 |
| | | | 3 | 8 | | 2 | 7 | |
| | | | 2 | | 1 | | | |
| | | | 4 | | | 1 | | |
| | | | | 7 | 5 | 6 | | |
| | 8 | | | | | 7 | | 5 |
| 5 | 7 | 9 | | | | | | 8 |



Hei an der Welt vu Mystaria benotzen d‘Wiesen eng aner Sprooch.

D‘Umbra huet dir eng Noricht hannerlooss. Fir déi liesen ze kënnen, muss du dëse **Code** knacken!






Stempel/
Ënnerschrëft

**Léisungssaz :**

.................................................................................................

.................................................................................................

.................................................................................................

.................................................................................................


.................................................................................................

.................................................................................................

.................................................................................................

.................................................................................................

.................................................................................................



# Meng nei Frënn

Numm a Virnumm: ______________________
Sous-Camp: ☐ S-C 1 ☐ S-C 2 ☐ S-C 3 ☐ S-C 4
Scoutsgrupp: ______________________
Kontakt/Adress: ______________________
Eppes iwwer mech: ______________________

Numm a Virnumm: ______________________
Sous-Camp: ☐ S-C 1 ☐ S-C 2 ☐ S-C 3 ☐ S-C 4
Scoutsgrupp: ______________________
Kontakt/Adress: ______________________
Eppes iwwer mech: ______________________

Numm a Virnumm: ______________________
Sous-Camp: ☐ S-C 1 ☐ S-C 2 ☐ S-C 3 ☐ S-C 4
Scoutsgrupp: ______________________
Kontakt/Adress: ______________________
Eppes iwwer mech: ______________________

Numm a Virnumm: ______________________
Sous-Camp: ☐ S-C 1 ☐ S-C 2 ☐ S-C 3 ☐ S-C 4
Scoutsgrupp: ______________________
Kontakt/Adress: ______________________
Eppes iwwer mech: ______________________

Numm a Virnumm: ______________________
Sous-Camp: ☐ S-C 1 ☐ S-C 2 ☐ S-C 3 ☐ S-C 4
Scoutsgrupp: ______________________
Kontakt/Adress: ______________________
Eppes iwwer mech: ______________________

Numm a Virnumm: ______________________
Sous-Camp: ☐ S-C 1 ☐ S-C 2 ☐ S-C 3 ☐ S-C 4
Scoutsgrupp: ______________________
Kontakt/Adress: ______________________
Eppes iwwer mech: ______________________

Numm a Virnumm: ______________________
Sous-Camp: ☐ S-C 1 ☐ S-C 2 ☐ S-C 3 ☐ S-C 4
Scoutsgrupp: ______________________
Kontakt/Adress: ______________________
Eppes iwwer mech: ______________________

Numm a Virnumm: ______________________
Sous-Camp: ☐ S-C 1 ☐ S-C 2 ☐ S-C 3 ☐ S-C 4
Scoutsgrupp: ______________________
Kontakt/Adress: ______________________
Eppes iwwer mech: ______________________


All emojis designed by OpenMoji – the open-source emoji and icon project. License: CC BY-SA 4.0

# Sponsoren

# Notizen

# Notizen

## Notizen



LGS - Lëtzebuerger Guiden a Scouten

1. Editioun; 1500 Exemplairën
© 2025 LGS, PR-Ekipp Mystaria
GOERENS Chloé,
KAUFFMANN Thierry

Lëtzebuerger Guiden a Scouten



**Nouttelefon (24h/24h)**

**26 94 84 69**